



N°907  
Entrée le 19.06.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 20.06.2024

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/06/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Beim Wunnengsbau hunn d'Gemenge vill Verantwortung. Esou sinn d'Gemengen zoustänneg fir d'Baugeneemegungen op hirem Territoire. D'Baugeneemegung gëtt ausgestallt, wann ee Bauplang konform ass mat de Gesetzer, Gemengereglementer a groussherzogleche Reglementer, déi an der Matière existéieren.

Mat der Baugeneemegung dierf ee Bauhär dann ufänke mat bauen. D'Gebai muss dann no de Pläng gebaut ginn. No der Fäerdegstellung vum Gebai muss d'Gebai esou stoen, wéi et um Bauplang uginn ass.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat muss eng Gemeng nom Fäerdegstelle vun engem Wunnegebai kontrolléieren?
2. Falen ënnert d'Kontrollen duerch d'Gemeng och technesch Aspekter, wéi zum Beispill, dass d'Ofwaasserleitungen esou installéiert sinn, wéi se um Bauplang agezeechent waren?
3. Wéi muss eng Gemeng handelen, wann de Bau net dem Bauplang entsprécht, fir deen d'Baugeneemegung erdeelt gouf?
4. Wéi eng Derogatiounen kënnen gemaach ginn, wann ee Wunnegebai net der Baugeneemegung entsprécht?
5. Ab wéini kann d'Gemeng fuerderen, dass ee Bau muss ofgeännert ginn, wann en net dem Bauplang entsprécht, fir deen d'Baugeneemegung erdeelt gouf?
6. U wie kënnen d'Bierger:innen (zum Beispill concernéiert Noperen) sech wenden, wann si wëssen, dass ee Gebai net der Baugeneemegung entsprécht?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc  
Deputéierten





**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°907 vum 19. Juni 2024 vun dem honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Wat de Buergermeeschter nom Fäerdegstelle vun engem Wunnegebaier muss kontrolléieren, ass net gesetzlech geregelt. Dat ofgeännert Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain gesäit keng Receptioun vu fäerdeggestallte Wunnenge vir. Deemno kann de Gemengerot am Bautereglement selwer Prozedure fir d'Receptioun vu Gebaier virginn. Wat genau ënnert d'Kompetenz vum Buergermeeschter fällt am Kader vun der Receptioun vum Chantier, kann de Gemengerot och am Bautereglement festhalen.

Am Fall, wou de Bau net de geneemegte Pläng vun der Baugeneemegung entsprécht, ginn et zwou Méiglechkeeten :

- Wann de Bau just ganz minimal divergéiert par Rapport zu der Baugeneemegung, da gëtt et eng Toleranz, déi vun de Verwaltungsgerichter festgehale gouf<sup>1</sup>. Et handelt sech heibäi em d'Applikatioun vum Prinzip „*de minimis*“<sup>2</sup>. Deemno ginn et keng Konsequenze fir ee Bauhär, deen z.B. eng Konstruktioun e puer Zentimeter méi héich gebaut huet, wéi d'Baugeneemegung et virgesäit.
- Falls de Bau awer lo méi substantiell divergéiert par Rapport zu der Baugeneemegung, da muss de Buergermeeschter e Baustopp veruerdnen, an dee concernéierte Bauhär muss sech der Baugeneemegung conforméieren. Falls déi concernéiert Persoun dëser Opfuerderung vum Buergermeeschter net nokënnt, riskéiert si och strofrectleche Poursuitten ausgesat ze ginn.

Beim Ausféiere vun enger Baugeneemegung si kéng Derogatioune méiglech. Deemno muss d'Baugeneemegung genau sou exekutéiert ginn, wéi se accordéiert ginn ass, an zwar an de Grenze vun der Toleranz, déi d' Verwaltungsgerichter toleréieren.

Wann ee Bierger der Meenung ass, dass eng Baugeneemegung falsch exekutéiert ginn ass, kann e sech un déi concernéiert Gemeng adresséieren. Déi kann da wéi gesot e Baustopp veruerdnen, an de concernéierte Bauhär riskéiert dann ebenfalls, jee nodeems wéi schlëmm de Verstouss ass, strofrectlech Poursuitten.

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2024  
Den Inneminister  
(s.) Léon Gloden

<sup>1</sup>Arrêt vun der Cour administrative, Nummer 33689C vum Rôle

<sup>2</sup> Ennërt "*de minimis*" ass ze verstoen dass eppes esou kleng ass dass et keng Bedeitung huet.